# LOUSCHLËSSEL

Gemeng **Feelen**



Feelen - eis Gemeng!

Feulen - notre commune !

1 / 2026

# Inhaltsverzeechnis / Sommaire


Editorial / Éditorial 4

## D'Feelener Gemeng / La commune de Feulen

D'Gemeng stellt sech vir! / La commune se présente ! 6
Wousst Dir schonn? / Le saviez-vous ? 10
Feelen fréier an haut / Feulen hier et aujourd'hui 12
Op Entdeckungsrees zu Feelen / À la découverte de Feulen 18
Feelen goes Télévie / Feulen goes Télévie 20
Biergeratelieren „Al Gemeng" / L'ancienne mairie au coeur des idées citoyennes 26
D'Feelener Leit an hir Hobbyen / Les habitants de Feulen et leurs loisirs 30
Kulturrees an de Bregenzerwald / Voyage culturel au Bregenzerwald 34
Adventsfënsteren / Fenêtres de l'avent 36
En onvergiesslechen Dag / Une journée à mémoriser 38

## D'Feelener Leit / Les gens de Feulen

Schoulfest / Fête scolaire 40
*Sponsored Run* 41
Kaffi a Croissanten / Café croissants 42
Konveniat / Réunion d'anciens élèves 43
ElterevertriederInnen / Représentants et représentantes des parents d'élèves 44

## Feelener Veräiner / Les associations de Feulen

De "Regionale Jugendservice" vun der Nordstadjugend (NoJu) /
Le « Service régional pour la Jeunesse » de la Nordstadjugend (NoJu) 46
Déi *Jonk vu gëschter* vu Feelen / Les *Jonk vu gëschter* de Feulen 48
Feelener Uergelfrënn / Les amis de l'orgue « Feelener Uergelfrënn » 50
Sportsdedessen & Dëschtennis 95 Feelen 52
Entente Feelen-Gréiwels-Heischent / Entente Feulen-Grevels-Heiderscheid 54
*Nordstad Aktiv+* 57

## Feelener Fester a Manifestatiounen / Fêtes et manifestations à Feulen

Noperschaftsfest an der Pompjeesschoul / Fête des voisins à l'école des pompiers 58
Journée du Grand Âge 62
Chrëschtmaart zu Feelen / Marché de Noël à Feulen 67

## De Louschlësselchen 78

## Feelener Allerlee / De ci et de ça

*Flower Power* by Vanessa 88
*Ecotrel - Social Reuse* 90
*ASA asbl* 91
*Sidec - Bien trier* 92
*Sicona - Obstbaumschnitt, Aktioun Päiperlek 2026, Hand in Hand, Heubörse* 93
*Fairtrade - Café* 99
*Sidec - Gréngschnëtt / Déchets verts* 100
*Wëllplanzesom Lëtzebuerg* 102
*MyFeulen* 104

## Impressum 107

# Editorial

Léif Lieserinnen a Lieser,

Dir haalt déi éischt Ausgab 2026 vum *Louschlëssel* an den Hänn an am Ganzen ass et d'Nummer 29 vun Ärer Gemengenzeitung.

Beim Duerchbliedere gitt Dir wéi gewinnt gewuer, wat an de leschte Méint alles lass war zu Feelen. En Héichpunkt um Enn vum Joer 2025 war ouni Zweifel de Chrëschtmaart, deen den 29. a 30. November stattfonnt huet. Vill Veräiner, Fräiwëlleger, souwéi d'Schoul, zesumme mat der Maison Relais, hunn dozou bäigedroen, datt dëst Evenement erëm zu engem flotte Succès gouf an d'Leit aus der ganzer Gemeng zesummebruecht huet.

Samschdes, den 29.11.2025, stoung dobäi ganz besonnesch am Zeeche vum offizielle Lancement vum Télévie. Den 18. Abrëll 2026 ass d'Gemeng Feelen *Centre de Promesses* fir den Télévie. Dat ass eng grouss Éier fir eis all, mee och eng Aufgab, déi vill Virbereedung verlaangt.

Fir dëse wichtegen Dag op d'Been ze stellen, brauch et d'Ënnerstëtzung vu jidderengem: vu Veräiner, Schoul, Maison Relais, Fräiwëlleger, engagéierte Biergerinnen a Bierger. Nëmme matenee kënne mir e staarkt Zeeche vu Solidaritéit setzen a weisen, datt Zesummenhalt zu Feelen net nëmme Wierder sinn.

Nieft dëse wichtegen Evenementer fannt Dir am *Louschlëssel* wéi gewinnt vill interessant Artikelen a flott Fotoen iwwert d'Liewen an der Gemeng.

Wéi Dir gesitt, hu vill Käpp an Hänn erëm keng Méi an Aarbecht gescheit, fir Iech, léif Lieserinnen a Lieser, eis Gemeng méi no ze bréngen.

Vill Spaass beim Liesen!



# Éditorial



Chères lectrices,

Chers lecteurs,

Vous tenez en vos mains le premier numéro 2026 du *Louschlëssel*, qui correspond également à la 29e édition de votre journal communal.

En le feuilletant, vous allez découvrir, comme d'habitude, ce qui s'est passé à Feulen au cours des derniers mois. L'un des moments forts de la fin de l'année 2025 a sans aucun doute été le marché de Noël, qui s'est tenu les 29 et 30 novembre. De nombreuses associations, des bénévoles, ainsi que l'école et la Maison Relais ont contribué au succès de cet événement qui a, de nouveau, rassemblé des habitantes et habitants de toute la commune.

Le samedi 29 novembre 2025 a été marqué tout particulièrement par le lancement officiel du Télévie. Le 18 avril 2026, la commune de Feulen sera « Centre de Promesses » du Télévie. C'est un grand honneur pour nous tous, mais aussi une tâche qui demande beaucoup de préparation.

Pour que cette journée importante devienne une réussite, nous avons besoin du soutien de tous : des associations, de l'école, de la Maison Relais, des bénévoles, citoyens et citoyennes engagé(e)s. Ensemble, nous pourrons envoyer un message fort de solidarité qui vaut bien plus que des mots.

Outre ces événements majeurs, vous trouverez comme d'habitude dans le *Louschlëssel* de nombreux articles intéressants et de belles photos illustrant la vie au niveau de la commune.

Comme vous pouvez le constater, de nombreuses personnes ont une fois de plus tout mis en œuvre et travaillé d'arrache-pied pour vous rapprocher, chers lecteurs, chères lectrices, de notre commune.

Nous vous souhaitons une excellente lecture !

# D'Gemeng stellt sech vir!

**„Ech ginn nach bis op d'Gemeng!"**

Dat ass e Saz, dee jiddweree vun eis reegelméisseg gebraucht. An dat aus guddem Grond: D'Gemeng an hir verschidde Servicer suergen dofir, datt d'Liewen zu Uewer- an Nidderfeelen ronn leeft an datt d'Mënschen dat hunn an dat kréien, wat se brauchen, fir hei kënnen ze liewen.

Grond genuch, fir déi verschidde Käpp an Hänn, déi d'Riedercher hannendrunn um Lafen halen, virzestellen.

An dëser Editioun ass et um Jerry an um Jeannot.

## Jerry Aachen



**Wie bass du?**

Ech sinn de Jerry, kommen aus dem Weste vum Land a krazen un de 40 Joer. An der Fräizäit, soubal d'Wieder et erlaabt, kniwwelen ech gären am Gaart an hoffen op eng gutt Recolte. Ass et mer ze kal an naass, verschléit et mech an ee klengen Holzatelier, fir op der Drechselbänk kreativ ze ginn. Dat ass ee gudde Kontrast zum Alldag.

**Wat ass deng Aarbecht op der Gemeng?**

Säit dem 1. August fannt Dir mech am Umeldebüro, esouwéi och am Empfang vun där neier Gemeng. Do maachen ech eigentlech alles, wat d'Awunner am Alldag brauchen. Dozou zielen d'Un- an Ofmeldungen, d'Päss an d'Identitéitskaarten, de Chèque-Service, d'Gestioun vun de Poubellen an och d'Muppegesetz. Den État Civil, also d'Stierffäll, d'Hochzäiten, de Pacs an den Nationalitéitewiessel gehéieren och zu mengen Aufgaben.

**Firwat hues du dir déi Feelener Gemeng als Aarbechtsplaz erausgesicht?**

Dat war ganz spontan. Ech hunn 2008 op enger klenger Gemeng am Umeldebüro ugefaang. E puer Joer méi spéit sinn ech duerch eng Fusioun op eng grouss Gemeng komm. Op enger grousser Gemeng leeft et anescht, do schaffs du just nach an dengem Beräich, an dat Perséinlecht geet leider verluer.
A genau dat hunn ech erëm gesicht. Wéi ech du gesinn hunn, dass hei zu Feelen ee Posten opgaang ass, hunn ech mech gemellt. A kuck do, et huet geklappt.

**Zu gudder Lescht …**

Mäin Zil ass et, och wann et net ëmmer méiglech ass, dass d'Awunner zefridden a mat engem Laachen aus der Gemeng erausginn.

# La commune se présente !

**« Je vais passer à la commune ! ».**

C'est une phrase que chacun d'entre nous utilise régulièrement. Et pour cause : L'administration communale dresse le cadre au bon fonctionnement d'Ober- et Niederfeulen et veille à ce que les habitants et habitantes aient tout ce dont ils et elles ont besoin pour y vivre.

Une raison de plus pour présenter les différentes mains et têtes qui font tourner les rouages. Dans cette édition, Jerry et Jeannot vont présenter leur travail.

## Jerry Aachen

**Qui es-tu ?**

Je m'appelle Jerry, je viens de l'Ouest du pays et je m'approche de la quarantaine. Lorsque les conditions météo le permettent, j'adore passer du temps dans mon jardin, les mains dans la terre, en espérant une belle récolte. Quand il fait trop froid ou trop humide, je me réfugie dans mon petit atelier en bois, où je laisse libre cours à ma créativité sur le tour à bois. C'est mon équilibre, un vrai contrepoids à la vie de tous les jours.

**Quel est ton travail ?**

Depuis le 1er août, vous me trouvez au bureau de la population ainsi qu'à l'accueil de la nouvelle commune. J'y prends en charge tout ce dont les habitants ont besoin au quotidien : déclarations d'arrivée et de départ, passeports et cartes d'identité, Chèque-Service, gestion des poubelles, ainsi que tout ce qui touche à la réglementation sur les chiens. Je m'occupe aussi de l'état civil : déclarations de décès, mariages, PACS ou changements de nationalité.

**Pourquoi avoir choisi Feulen comme lieu de travail ?**

C'est une décision qui s'est prise très naturellement. J'ai commencé en 2008 au bureau de population d'une petite commune. Puis, suite à une fusion, j'ai rejoint une commune de plus grande taille. Je n'y ai travaillé que dans un domaine bien précis et l'aspect humain se perdait un peu. C'est justement cette proximité que j'ai voulu retrouver. Alors, quand j'ai vu qu'un poste vacant à Feulen, j'ai tenté ma chance… et cela a fonctionné.

**Pour finir …**

Mon objectif est simple : Que chaque habitant reparte de la commune satisfait, et si possible, avec un sourire. Même si ce n'est pas toujours évident, j'y mets tout mon cœur.

"Ech ginn nach bis op d'Gemeng!"

## Jeannot Letsch

**Wie bass du?**

Ech sinn de Jeannot, hu 36 Joer a wunnen am Oste vum Land.

**Wat ass deng Aarbecht op der Gemeng?**

Ufanks war et just Umeldebüro, d.h. Umeldungen, Ofmeldungen, Chèques-Services, Päss a Carte-d'identitéen an och eis treiste Begleeder, déi léif Muppen, gi bei mir ugemellt. De Volet vum État Civil, also Hochzäiten, Pacsen an och Stierffäll, gehéieren zu mengen Aarbechten. Mëttlerweil hunn ech och aner Tâchen iwwerholl; vum Verloune vum Hennesbau iwwert d'Bestelle vu Poubellë bis d'Programméiere vu Badgë gehéieren zu mengen alldeeglechen Aarbechten.



**Firwat hues du dir déi Feelener Gemeng als Aarbechtsplaz erausgesicht?**

An alleréischter Linn hunn ech mech op d'Gemeng Feelen gemellt, well se einfach fir mech geographesch gutt läit. Wéi den Zoufall et wollt, war d'Plaz, déi ausgeschriwwe war, och nach genau an deem Beräich, wou ech Erfarung hunn. An Tëschenzäit hunn ech awer och déi aner Aarbechtskolleegen, d'Clibb vu Feelen an natierlech d'Feelener Leit kennen a schätze geléiert.

**Zu gudder Lescht ...**

Déi immens grouss Ofwiesslung gefält mer u menger Aarbecht. Keen Dag gläicht engem aneren. Ech probéieren all de Leit ze hëllefen, déi bei eis an d'Gemeng erakommen a wann ee gesäit, dass de Bierger dann zefridden heemgeet, gëtt engem dat och selwer Motivatioun, fir weider ze maachen. Et hëlleft natierlech och, wann een Aarbechtskolleegen am Service huet, op déi ee sech verloosse kann.

## Jeannot Letsch

**Qui es-tu ?**

Je m'appelle Jeannot, j'ai 36 ans et je vis dans l'Est du pays.

**Quel est ton travail à la commune ?**

Au début, mon travail se limitait aux tâches du bureau de population : les déclarations d'arrivée et de départ, le Chèque-Service, les passeports, les cartes d'identité et même l'enregistrement de nos chers compagnons à quatre pattes.

L'état civil fait aussi partie de mes missions : les mariages, PACS et déclarations de décès.

Entretemps, je m'occupe aussi de la location du *Hennesbau*, des commandes de poubelles ou encore de la programmation des badges. Bref, mes journées sont bien remplies – et c'est exactement ce qui me plaît.

**Pourquoi avoir choisi la commune de Feulen ?**

Au départ, c'était surtout pour des raisons pratiques : La commune de Feulen est géographiquement bien située pour moi. Et puis, le poste correspondait tout à fait à mon expérience. Avec les mois, j'ai aussi appris à connaître et à apprécier mes collègues de travail, les associations et surtout les habitants de Feelen. Aujourd'hui, je m'y sens vraiment bien.

**Pour terminer …**

Ce que j'aime le plus, c'est la diversité de mon travail : Aucune journée ne ressemble à une autre. J'essaie d'aider chaque personne qui pousse la porte de la commune et, quand je vois quelqu'un repartir satisfait, cela me donne une vraie motivation pour continuer. Et bien sûr, le fait de pouvoir compter sur une équipe soudée et disponible rend le travail plus facile.

« Je vais aller à la commune ».



# Wousst Dir schonn?

Den "Nationale Commemoratiounsdag" huet säin Ursprong an der Vollekszielung vum 10. Oktober 1941, der *Personenbestandsaufnahme*.

Zu där Zäit wollten déi däitsch Besatzer op dës Manéier ënnert anerem d'Nationalitéit, d'Mammesprooch an déi vermeintlech "Rass" vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung feststellen. D'Resistenz huet d'Bevëlkerung dozou opgeruff, op déi dräi Froe mat "Lëtzebuergesch" z'äntweren. Dat hu vill Leit gemaach, wat zu der Annulatioun vun der Vollekszielung geféiert huet. Et war e staarkt a couragéiert Zeeche vum Widderstand géint all Integratiounsversich an d'Reich.

Zanter 1946 gëtt den "Nationale Commemoratiounsdag" all Joer op deem Sonndeg gefeiert, deen dem 10. Oktober am nooste läit. Dësen Dag erënnert un d'Solidaritéit an de Courage vum Lëtzebuerger Vollek während de Jore vun der däitscher Besatzung vun 1940 bis 1945.

**Quellen:**

Site vun der Lëtzebuerger Regierung ; Wikipédia ; Luxembourg Let's make it happen



# Le saviez-vous ?



La « Journée de Commémoration nationale », appelée en luxembourgeois *Nationale Commemoratiounsdag*, trouve son origine dans le recensement du 10 octobre 1941, la *Personenbestandsaufnahme*.

À cette époque, les autorités nazies cherchaient à déterminer notamment la nationalité, la langue maternelle et la prétendue « race » de la population luxembourgeoise. La résistance appela la population à répondre par « luxembourgeois » aux trois questions. Cet appel fut largement suivi, ce qui conduisit à l'annulation du recensement et constitua un acte fort d'opposition à toute intégration au *Reich*.

Depuis 1946, la « Journée de la Commémoration nationale » est célébrée le dimanche le plus proche du 10 octobre. Elle rend hommage à la solidarité et au courage du peuple luxembourgeois durant les années d'occupation de 1940 à 1945.

**Sources :**

Lëtzebuerger Regierung/le Gouvernement luxembourgeois
Wikipédia Luxembourg Let's make it happen

# Feelen fréier an haut

## Vum Sanatorium bei d'Pompjeesschoul

**Ëm wéi e Gebai geet et?**

An däser Ausgab vum Louschlëssel wëlle mir Iech d'Gebai, dat vun de Feelener "Pompjeesschoul" genannt gëtt, virstellen.

**Wou steet d'Gebai?**

D'Gebai steet zu Nidderfeelen op Nummer 25 an der *rue de la Wark*.

**Vu wéini u gëtt et d'Gebai?**

D'Gebai gouf tëschent 1815 an 1824 gebaut.

**Wéi ass d'Gebai genotzt ginn?**

Dëse kuerzen Iwwerbléck weist déi beweegte Geschicht vun der Pompjeesschoul.

- D'Gebai gouf 1815 gebaut. Et ass eng sougenannte "maison de maître" aus der Zäit vum Empire (Zäit vun der Herrschaft vum Napoleon I).
- Tëschent de Joren 1824 an 1914 huet d'Gebai e puer Mol de Besëtzer gewiesselt.
- Vun 1915 bis 1931 war et e Sanatorium fir Longekrankheeten (Tuberkulos) ze heelen.
- Wärend dem Zweete Weltkrich, méi genee vun 1945 un, gouf d'Gebai als Prisong fir politesch Gefaangener genotzt.
- Vun 1949 bis 1963 koum dunn eng Besserungsanstalt fir Meedercher dran.
- 1967 ass d'Gebai, dat elo dem Lëtzebuerger Staat gehéiert, de d'Pompjeeën zur Verfügung gestallt ginn: Vun do u war et déi *National Pompjeesschoul*.



- 1969 gouf d'Pompjeessschoul ageweit a jeeweils 1974 an 1986 ëmgeännert respektiv ausgebaut.
- Schonn 1992 ass iwwert eng Erweiderung nogeduecht ginn, well d'Pompjeesschoul séier ze kleng ginn ass.
- 2012 ass mat dem Bau vun enger neier Annex ugefaange ginn.
- 2015 ass déi nei Pompjeesschoul, d'*École Nationale du Service d'Incendie et de Sauvetage*, fäerdeg gestallt an ageweit ginn.
- 2021 koum am Kader vun der Grënnung vum CGDIS (*Corps gand-ducal d'incendie et de secours*) eng eng nei Pompjeesschoul op Gaasperech: den *Institut National de Formation des Secours* (INFS). Dee Moment ass e Groussdeel vun den Aktivitéite vu Feelen an d'Stad verluecht ginn.
- Haut gehéieren d'Gebaier nach ëmmer dem Lëtzebuerger Stat, a si wäerten och an Zukunft nach vum CGDIS genotzt ginn, zum Beispill fir d'Ausbildung vu jonke Pompjeeën a Weiderbildungscourse vun de fräiwëllege Pompjeeën.

**Zu gudder Lescht**

Op dem Site vun der Pompjeesschoul ass eng Muttergottes-Grott. All Joer op dem Dag vu Maria Himmelfaart gëtt hei gebiet mat uschléissender Mass an duerno engem gemittlechen Zesummesinn.

**Quellen:**
- Louschlëssel Nr 16, 12/2015
- https://luxemburgensia.bnl.lu/cgi/getPdf1_3.pl?mode=page&id=412&option=
- https://gouvernement.lu/dam-assets/fr/actualites/communiques/2015/10-octobre/16-bausch-kersch/dossier-presse.pdf



# Feulen hier et aujourd´hui

## Du sanatorium à l'École nationale des sapeurs-pompiers

**De quel bâtiment s'agit-il ?**

Dans cette édition du *Louschlëssel*, nous vous proposons de découvrir ce bâtiment, communément appelé « « l'école des pompiers », et l'histoire mouvementée qui l'a marqué.

**Où se situe le bâtiment ?**

Il se trouve à Niederfeulen, au numéro 25 de la rue de la Wark.

**Depuis quand le bâtiment existe-t-il ?**

Il a été construit entre 1815 et 1824.

**À quoi a servi le bâtiment ?**

Ce bref aperçu montre les différentes étapes clés depuis le début jusqu'à nos jours.

- Le bâtiment a été construit en 1815. Il s'agit d'une « maison de maître », datant de l'époque de l'Empire (période du règne de Napoléon Ier).
- Entre 1824 et 1914, le bâtiment a changé plusieurs fois de propriétaire.
- De 1915 à 1931, il a servi de sanatorium pour le traitement des maladies pulmonaires (tuberculose).
- Pendant la Seconde Guerre mondiale, plus précisément à partir de 1945, le bâtiment a été utilisé comme prison pour des détenus politiques.
- De 1949 à 1963, il a ensuite accueilli une maison de correction pour jeunes filles.
- En 1967, le bâtiment, désormais propriété de l'État luxembourgeois, a été mis à disposition des sapeurs-pompiers, faisant fonction d'École nationale.
- En 1969, l'École nationale des sapeurs-pompiers a été inaugurée, puis modifiée et agrandie respectivement en 1974 et 1986.
- Dès 1992, une extension a été envisagée, les infrastructures étant rapidement devenues trop petites.
- En 2012, la construction d'une nouvelle annexe a été entamée.
- En 2015, l'*École Nationale du Service d'Incendie et de Sauvetage* a été inaugurée.
- En 2021, l'*Institut National de Formation des Secours* a été construit à Gasperich, dans le cadre de la création du CGDIS (*Corps grand-ducal d'incendie et de secours*). À ce moment-là, une grande partie des activités a été transférée de Feulen vers la capitale.
- Aujourd'hui, les bâtiments à Feulen, propriété de l'État luxembourgeois, continueront à être utilisés par le CGDIS, notamment pour la formation des jeunes pompiers et les cours de perfectionnement des pompiers volontaires.

**Pour conclure**

Sur le site se trouve une grotte dédiée à la Vierge Marie. Chaque année, à l'occasion de la fête de l'Assomption, un temps de prière y est organisé, suivi d'une messe et d'un moment convivial.

**Sources :**
- Louschlëssel Nr 16, 12/2015
- https://luxemburgensia.bnl.lu/cgi/getPdf1_3.pl?mode=page&id=412&option=
- https://gouvernement.lu/dam-assets/fr/actualites/communiques/2015/10-octobre/16-bausch-kersch/dossier-presse.pdf

Luxemburger Illustrierte N° 45


## Le Sanatorium de l'Etablissement d'Assurance contre la Vieillesse et l'Invalidité à Feulen.

**On vient de fêter le 10me anniversaire de la fondation du sanatorium de Feulen.**


Cette institution doit son origine aux tristes nécessités de la guerre. A cette époque l'installation d'un établissement de fortune s'imposait pour donner suite aux nombreuses demandes présentées par des affiliés de l'Etablissement d'assurance, en vue d'un traitement curatif dans des cas de tuberculose pulmonaire.

Une ancienne maison de maître, datant de l'époque de l'Empire, situeé à proximité du village de Niederfeulen, aux confins des formations géologiques de l'Oesling et dénommée „le château" fut aménagée pendant l'été 1915 pour servir dans la suite d'établissement sanatorial. Cette maison est devenue depuis lors la propriété de l'établissement d'assurance. Le sanatorium de Feulen a pu ouvrir ses portes le 25 octobre 1915 aux premiers 20 malades. Il dispose de tous les agents de diagnostic et de thérapeutique en usage dans les grands sanatoria étrangers.

Des 821 cures inscrites du 25 octobre 1915 au 1er octobre 1925: 525 malades ont fait 1 cure, 66 malades ont fait 2 cures, 14 malades ont fait 3 cures et 2 malades ont fait 4 cures. Il y avait donc en tout 607 malades qui ont été traités au courant de ces 10 années.



Le Sanatorium de Feulen. — Vue générale




La façade du Sanatorium

Le cours monotone de la vie au sanatorium offre cette particularité que les malades doivent passer la plus grande partie de la journée à la galerie de cure d'air, où pendant les 8 heures que leurs camarades sont occupés dans les différentes branches de l'activité humaine, ils immobilisent leur corps au grand air en position couchée, pour travailler à leur tour, pour ainsi dire au rétablissement de leur santé.

Le but essentiel du traitement curatif est d'empêcher l'invalidité et de faire récupérer aux malades une capacité de travail aussi grande que possible. On peut compter en général avec une moyenne de 80 % de capacité de travail de différents degrés récupérée comme résultat immédiat de la cure sanatoriale, mais il est dans la nature de la terrible maladie qu'est la tuberculose, que ces succès ne sont peut-être pas toujours durables et vont en diminuant dès que les malades sont astreints à un travail non approprié à leurs forces ou qu'ils se trouvent dans des conditions hygiéniques défavorables.


Après la construction du sanatorium de Vianden par l'établissement d'assurance contre la vieillesse et l'invalidité, le sanatorium de Feulen pourra certainement encore jouer un rôle actif dans le traitement ou dans la prévention de la tuberculose pulmonaire. (Extrait du rapport du médecin-directeur.)




La Galerie de Cure d'Air




Intérieur de la galerie de cure d'Air


Feulener Mühle (heute Klostergebäude)


9 NIEDERFEULEN - Le Sanatorium





# Op Entdeckungsrees zu Feelen

**Wanderwee D mat Start zu Uewerfeelen**

Schluss mat den üppege Festiessen, d'Sonn ass nees do! Et ass un der Zäit, fir e Spadséiergank ze maachen, fir d'Iwwerschëss vum Joresenn ze verbrennen. Mir starten d'Wanderung op der Kräizung vun der Route d'Arlon, op engem flaache betonéierte Wee iwwert 2 Kilometer. Mir ginn op enger klenger Bréck aus Metall iwwert d'*Méchelbaach*. Duerno geet et weider laanscht d'Baach op engem agreabele Bëschwee, deen ëmmer nach flaach ass. Vum véierte Kilometer u gëtt de Wee méi géi. Mir ginn erop op de Plateau vu Mëtscheed. Vun do aus hu mir eng panoramesch Vue op de Bësch vu Feelen. Mir gi weider duerch de Bësch a ginn no an no erof, bis mir erëm op de Wee kommen, op deem mir fortgaang sinn, op Héicht vun der *Méchelbaach*.

D'Kaart, déi op der Internetsäit vun der Gemeng ze fannen ass, seet, datt dës Wanderung 14 Kilometer laang ass, wann ee bei der Parkierch fortgeet. Well mir e bësse gefuddelt hunn, war eisen Tour nëmmen 8,5 Kilometer laang, a mir hunn en an enger Stonn a 40 Minutte gepackt.

Dëse Wee ass net schwéier a kann den Ausgangspunkt vun den Tier ES 9 an ES 14 sinn.

E ganz flotten a berouegende Moment an der Famill.


**Op Entdeckungsrees an der Gemeng:**
**Feelen a seng Wanderweeër**

Feelen huet vill ze bidden – an a ronderëm d'Gemeng gëtt et munches ze gesinn an eng Rëtsch Tröppeltier waarden nëmmen drop, fir vun Iech entdeckt ze ginn. Ob laang oder kuerz, platt oder hiwweleg, am Bësch oder laanscht d'Baach, et ass fir all Goût eppes dobäi.

D'Laurence huet seng Wanderschung gestréckt a geet mat Iech op Entdeckungsrees. **Kommt mat a schéckt eis Är eege Fotoen op louschlessel@feulen.lu.**

**Fir méi Informatiounen:**

- Lokalen Tröppelpad ES 9-Fuussekaul:
  https://www.visit-eislek.lu/fr/tour/sentier-local-es-9
- Lokalen Tröppeltour ES 14 – Mëtscheed:
  https://www.visitluxembourg.com/fr/tour/sentier-local-es-14









# À la découverte de Feulen


### À la découverte des randonnées à Feulen

Feulen a beaucoup à offrir - il y a de nombreux endroits à découvrir et des sentiers bien préparés vous attendent. Qu'ils soient longs ou courts, escarpés ou vallonnés, en forêt ou le long de la rivière, il y en a pour tous les goûts.

Laurence a enfilé ses chaussures de randonnée et se met en route avec vous. **Venez avec nous et envoyez-nous vos photos de randonnée sur louschlessel@feulen.lu.**

**Pour en savoir plus :**

- Sentier de randonnée local ES 9-Fuussekaul : https://www.visit-eislek.lu/fr/tour/sentier-local-es-9
- Parcours local de randonnée ES 14 – Merscheid : https://www.visitluxembourg.com/fr/tour/sentier-local-es-14



### Sentier de randonnée D au départ d'Oberfeulen

Fini les repas gargantuesques, le soleil est là ! Il est temps de faire une promenade pour éliminer les excès de cette fin d'année.

Nous démarrons la randonnée du carrefour de la route d'Arlon sur un sentier bétonné plat sur 2 kilomètres afin de rejoindre le ruisseau *Méchelbaach* que nous traversons grâce à un petit pont métallique. Nous poursuivons notre route en longeant le ruisseau sur un chemin forestier agréable, toujours à plat. Au quatrième kilomètre, nous entamons la montée vers le plateau de Merscheid. De là, nous avons une vue panoramique sur la forêt de Feulen. Nous poursuivons notre route à travers le bois pour descendre petit à petit et rejoindre le chemin initial au niveau de la *Méchelbaach*.

Selon la carte trouvée sur le site de la commune, la randonnée doit faire 14 kilomètres en partant de l'église paroissiale. Comme nous avons triché, notre tour a fait 8,5 kilomètres et nous l'avons effectué en 1 heure 40 minutes. Ce chemin n'est pas difficile et peut être le point de départ des randonnées ES 9 et ES 14, eux variantes de la randonnée que nous avons faite.

Un bon moment apaisant en famille.





# Feelen goes Télévie!

D'Gemeng Feelen mécht beim Télévie 2026 mat. Den 18. Abréll 2026, op dem groussen nationalen Télévie-Dag, wäert Feelen niewent Biissen a Rodange ee vun dräi "Centres de promesses" sinn.

D'Häerz vum Télévie schléit da besonnesch haart a séier. Awer et schléit och elo schonn Dag fir Dag. Woch fir Woch. A klengen a groussen Aktiounen a Manifestatiounen. Den Télévie lieft vun de Mënschen, déi zesummen eppes op d'Been stellen. Déi zesummen en Zeeche setzen. Déi sech zesummen engagéieren, fir datt d'Kriibsfuerschung hei zu Lëtzebuerg, a speziell d'Fuerschung am Beräich vun der Leukemie bei Kanner an Erwuessenen, weiderkënnt. Fir esou d'Liewe vun deene Mënschen, déi vun dëser Krankheet betraff sinn, nohalteg ze veränneren.

Op deenen nächste Säite fannt Dir flott Beispiller fir de Feelener Engagement fir déi gutt Saach.

Dir wëllt méi Informatiounen iwwert den Télévie? Dës fannt Dir op där offizieller Säit vum Télévie www.televie.lu, op der Internetsäit vun der Gemeng Feelen www.feulen.lu, op der Feelener Facebook-Säit an op Instagram. Dir wëllt Iech engagéieren? Dir hutt eng Fro zum Télévie? Da schreift eis op televie@feulen.lu.

**Zesumme kënne mir en Ënnerscheed maachen!**





# Feulen goes Télévie !

En 2026, la commune de Feulen s'engage pleinement aux côtés du Télévie. Le 18 avril 2026, lors de la « Journée Télévie », Feulen sera « Centre de promesses », tout comme Bissen et Rodange.

Cependant, le Télévie, n'est pas seulement un grand rendez-vous annuel, une journée forte en émotions, en solidarité et en espoir. C'est un élan de cœur qui vit tout au long de l'année. Jour après jour, semaine après semaine, à travers de petites et grandes actions. Le Télévie existe grâce à toutes celles et ceux qui s'unissent, qui donnent de leur temps, de leur énergie et de leur cœur pour faire avancer la recherche sur le cancer au Luxembourg, et, tout particulièrement, la recherche sur la leucémie chez les enfants et les adultes. Ensemble, ils contribuent à offrir de nouvelles perspectives, de l'espoir et un avenir meilleur aux personnes touchées par la maladie.

Les pages qui suivent, vous font découvrir de beaux exemples de cet engagement.

Vous souhaitez en savoir plus sur le Télévie ou vous engager à votre tour ? Retrouvez toutes les informations sur www.televie.lu, sur le site de la commune www.feulen.lu ainsi que sur les réseaux sociaux de Feulen (Facebook et Instagram). Pour toute question ou proposition, écrivez-nous à l'adresse televie@feulen.lu.

**Ensemble, faisons la différence !**

# Offizielle Lancement vum Télévie 2026 zu Lëtzebuerg

**21.11.2025**

Den 21. November ass den offizielle Startschoss fir d'Editioun 2026 vum Télévie op nationalem Plang gefall. Den Organisatiounskommitee vum "Télévie Feelen" war an der *RTL City* mat dobäi.
Fotoen: Rom Hankes

# Lancement officiel du Télévie 2026 au Luxembourg

**21.11.2025**

Le 21 novembre 2025 a marqué le coup d'envoi officiel de l'édition 2026 du Télévie au plan national. Le comité d'organisation du « Télévie Feulen » a assisté à la cérémonie d'ouverture à *RTL City*.
Photos : Rom Hankes



# Offizielle Lancement vum Télévie 2026 zu Feelen




**29.11.2025**

Eng Woch méi spéit, den 29. November, war et dunn un de Feelener, fir den Télévie 2026 offiziell an hirer Gemeng ze lancéieren. Dëst bei Geleeënheet vum Chrëschtmaart an a Presenz vun e sëllege bekannte Gesiichter, déi sech et net huele gelooss hunn, fir wuertwiertlech eng Hand mat unzepaken.
Fotoen: Rom Hankes





# Lancement officiel du Télévie 2026 à Feulen

**29.11.2025**


Une semaine plus tard, le 29 novembre, ce fut au tour de la commune de Feulen de lancer officiellement le Télévie sur son territoire. Cet événement a eu lieu à l'occasion du marché de Noël, en présence de nombreuses personnalités connues qui n'ont pas hésité à s'impliquer activement et à mettre la main à la pâte.
Photos : Rom Hankes




















télévie
Feelen









# Biergeratelieren "Al Gemeng" – En aalt Gebai zesummen nei denken

**28.10.2025**
**11.11.2025**

Enn Januar 2025 gouf déi nei Gemeng ageweit. Zanterhier steet d'Gebai op Nummer 25 an der Baaschtnecherstrooss – déi al Gemeng – eidel. E markant Gebai am Kär vu Feelen, an deem iwwert Joerzéngten d'Häerz vun der Gemeng geschloen huet. E Gebai mat enger Geschicht ... an enger Zukunft. Dofir läit et op der Hand, datt dëst Gebai dat bleift, wat et elo schonn esou laang ass: Eng Plaz fir déi Feelener Leit. An esou ass d'Iddi gebuer ginn, fir aus där aler Gemeng en Tiers-Lieu ze maachen. En Tiers-Lieu ass eng Plaz, wou Mënsche sech begéinen, Iddien deelen an zesumme Projeten op d'Been stellen. Eng Plaz fir d'Leit a vun de Leit gemaach. Hei huet sech natierlech d'Fro gestallt, wat déi Feelener Leit wëllen a wat si brauchen. A fir dat erauszefannen, gouf et just ee Wee: Si ze froen!

### Zwee Biergerateliere fir neit Liewen an déi al Gemeng ze bréngen

Gesot, gemaach! An Zesummenaarbecht mam Bureau CO3 an der Beoptraagte fir Duerfentwécklung huet de Feelener Schäffen- a Gemengerot zwee Biergeratelieren organiséiert, den 28. Oktober an den 11. November. Jiddwereen, deen zu Feelen wunnt, war invitéiert, fir matzemaachen.

### En éischten *Tour de Table* am Oktober 2025

Beim éischten Atelier am *Hennesbau* haten d'Participanten d'Méiglechkeet, fir an enger oppener a konstruktiver Atmosphär hir Iddien an Erwaardungen ze deelen an op Pabeier ze bréngen. Den Austausch huet sech virun allem ëm déi sozial a kulturell Funktioune vun deem zukünftegen Tiers-Lieu gedréint. Déi grouss Zuel vu Virschléi a déi engagéiert Diskussioune sinn Zeeche vun engem staarke Biergerengagement a Wëlle gewiescht, där aler Gemeng en neit Liewen ze ginn.

*Wat stellt Dir Iech ënnert engem Tiers-lieu vir? Wéi eng Erwaardungen a Wënsch hutt Dir? Wat feelt Iech an der Gemeng a wéi eng Funktioun kéint deen Tiers-lieu erfëllen?*

Hei en Iwwerbléck iwwert d'Iddien an d'Virschléi:

- Eng Plaz fir kreativ Treffen an Atelieren: Bitzen, Schaffen am Leem, Molerei, etc.;
- E sozialen Treffpunkt fir Elteren, eleng erzéiend Persounen, Senioren, etc.;
- E Raum fir "Pop-up"-Initiativen: Verkaf vu Second-Hand Produiten, Konschthandwierk, etc;
- E Jugendhaus fir Jonker tëschent 11 a 16 Joer;
- Eng ëffentlech Kiche fir Kachatelieren;
- Eng Plaz fir intergenerationell an interkulturell Echangen;
- Eng ëffentlech Bibliothéik: "Bicherstuff" a "Bicherbox";
- E Konschthaus mat Atelieren, déi fir de Public op sinn;
- Eng Plaz fir e Fitnessraum;
- Eng Plaz fir en "écrivain public", deen d'Leit bei hiren administrativen Demarchen ënnerstëtzt;
- E Gemeinschaftsgaart am Park vun där aler Gemeng;
- Eng Plaz fir de Repair-Café ofzehalen.

Zousätzlech goufen och d'Zougänglechkeet, d'Organisatioun an d'Gestioun vum Gebai beschwat.

Déi politesch Responsabel hu sech vun der Begeeschterung vun de Participanten ustieche gelooss. De Gros vun den Iddien setzt e flexibelen a liicht upassbare Kader viraus, dee wéineg spezifesch Amenagementer brauch.

### Verdéiwe vun den Iddien am November 2025

Beim zweeten Atelier, an där aler Gemeng, stoungen d'Gebai selwer an déi konkreet Notzungsméiglechkeete vun deene verschiddene Raim am Mëttelpunkt. No enger Visitt vun de Raimlechkeeten hunn d'Participanten hir Iddien aus dem éischten Atelier weiderentwéckelt. *A wéi enge Raim ka wéi eng Offer ugebuede ginn?* Dat war eng vun den Haaptfroe vum Owend.

Dank de Pläng, déi vun der Gemeng zur Verfügung gestallt goufen, konnten d'Virschléi diskutéiert, verdéift a visualiséiert ginn: Wou léisst sech eng Bibliothéik am beschten ënnerbréngen? A wéi enge Raimlechkeete kënne Konschtatelieren ugebuede ginn? Wou kann een e gemittleche Potereck virgesinn? etc.

Et gouf sech och Gedanke gemaach iwwert d'Organisatioun an d'Gestioun vum zukünftegen Tiers-Lieu. Hei si verschidde Méiglechkeeten ugeschwat ginn:

- D'Gestioun duerch eng Associatioun oder eng Benotzercommunautéit, an enker Zesummenaarbecht mat der Gemeng;
- Selbstverwaltung vu "Pop-up" Initiativen;
- En Online-Reservéierungssystem mat engem reegelméissege Programm;
- Eng sécher Zougangskontroll (Badge, QR-Code oder PIN-Code);
- Fix Ouvertureszäiten mat Méiglechkeet vu punktueller Notzung op Ufro hin.



**E Projet mat an fir d'Awunner**

Dës zwee Biergerateliere waren den Ufank vun engem Entwécklungsprozess, fir aus där aler Gemeng eng lieweg, oppen a gedeelte Plaz ze maachen, déi Begéinungen, Austausch a Kreativitéit op kommunalem Plang färdert an domat zu der Qualitéit vum Mateneen an der Gemeng bäidroe kann.

Fir déijéineg, déi an deenen zwee Atelieren net konnten dobäi sinn, gëtt et am Januar en Online-Questionnaire, fir datt jiddereen, deen dat wëllt, seng Iddie ka mat abréngen.

**Fir weider Informatiounen:**

- Ôpen – Biergerhaus zu Jonglënster : https://www.openlenster.lu/
- Bierger*Haus an der Gemeng Stengefort
- Fréier Schoul zu Bauschelt











# L'ancienne mairie au cœur des idées citoyennes : Un lieu de rencontre à imaginer et à créer ensemble !

**28.10.2025**
**11.11.2025**

Fin janvier 2025, la nouvelle maison communale a été inaugurée. Depuis, l'ancienne mairie, la « al Gemeng », située au numéro 25 de la route de Bastogne, est restée vide. Pendant des décennies, ce bâtiment au centre de Feulen était un lieu ouvert au public, un lieu de rencontres et d'échanges, proche des habitants et habitantes de Feulen.

Pour que l'ancienne mairie puisse conserver cet esprit et rester un espace vivant au service de la communauté, l'idée d'en faire un tiers-lieu est née. Le tiers-lieu, c'est un espace dédié à la rencontre, le partage et l'initiative collective, conçu pour et par les citoyens et citoyennes.

**Deux ateliers citoyens pour imaginer le futur tiers-lieu « Al Gemeng »**

C'est dans cet ordre d'idées que le collège échevinal et le conseil communal, en collaboration avec le bureau CO3 et la chargée de développement villageois, ont organisé deux ateliers de participation citoyenne, les 28 octobre et 11 novembre 2025.

**Un premier tour de table en octobre 2025**

Lors du premier atelier au *Hennesbau*, les participants ont pu exprimer leurs attentes et partager leurs idées dans une atmosphère ouverte et constructive. Les échanges ont porté sur les besoins sociaux et culturels ; ils ont fait émerger une multitude d'idées et de propositions concrètes, reflétant une implication très forte et une envie réelle de faire revivre l'ancienne mairie.

*Comment imaginez-vous un tiers-lieu? Quelles sont vos attentes et vos souhaits ? Qu'est-ce qui vous manque dans la commune et quelle fonctions le tiers-lieu pourrait-il remplir ?*

Ci-dessous le résumé des idées et propositions qui ont été émises.

- Un lieu de création : ateliers de couture, poterie, peinture, etc. ;
- Un espace de rencontres sociales pour parents, monoparentaux, seniors, etc. ;
- Un espace pour des initiatives « pop-up » : vente de produits « second hand », artisanaux, etc. ;
- Une maison des jeunes pour les 11 à 16 ans ;
- Un espace abritant une cuisine ouverte au public pour ateliers culinaires ;
- Un espace intergénérationnel et interculturel ;
- Une bibliothèque publique : « Bicherstuff » et « Bicherbox » ;
- Une maison des arts avec ateliers ouverts au public ;
- Un espace réservé à une salle de fitness ;
- Un espace pour un écrivain public aidant les citoyens et citoyennes dans des démarches administratives ;
- Un jardin communautaire dans le parc de l'ancienne mairie ;
- Un espace pour organiser des « repair-cafés ».

Les participants ont également évoqué des modalités d'accessibilité et de gestion du bâtiment. Les responsables communaux ont salué l'enthousiasme et la richesse des échanges qui montrent une forte volonté de créer un lieu polyvalent, modulable et facilement adaptable aux différentes activités.

**L'approfondissement des idées en novembre 2025**

Lors du second atelier, dans l'ancienne mairie, l'attention s'est portée sur le bâtiment lui-même et les aménagements concrets qui y pourraient être réalisés. Après avoir visité les lieux, les participants ont pu développer leurs propres propositions d'aménagement des pièces, en prolongement des idées du premier atelier. Grâce aux plans mis à disposition par l'administration communale, les idées ont pu être visualisées, discutées et affinées. Où aménager la bibliothèque ? Et le coin de rencontres ? Dans quelle(s) pièces pourrait on prévoir des cours artistiques et des expositions ? etc. ?

Les participants ont aussi réfléchi à différentes modalités d'organisation et de gestion du futur tiers-lieu. Différentes possibilités ont été esquissées :

- Gestion par une association ou une communauté d'usagers, en lien avec la Commune ;
- Autogestion des initiatives « pop-up » ;
- Réservation en ligne avec programme d'activités régulier ;
- Contrôle d'accès sécurisé par badge, QR code ou code Pin ;
- Horaires fixes avec possibilité d'utilisation ponctuelle sur demande.



### Un projet construit avec et pour les habitants

Les deux ateliers n'ont été que le point de départ d'un processus qui transformera l'ancienne mairie en un lieu vivant, partagé et ouvert, favorisant les rencontres, l'échange et la créativité au sein de la commune. Pour celles et ceux qui n'ont pas pu participer, un questionnaire en ligne a été disponible à partir du mois de janvier afin que chacun puisse partager ses idées et ainsi contribuer à la construction de ce tiers-lieu participatif et convivial qui renforcera le vivre-ensemble et contribuera durablement à la qualité de vie à Feulen.

### Pour en savoir plus :

- Ôpen –maison citoyenne à Junglinster : https://www.openlenster.lu
- Bierger*Haus à Steinfort
- Ancienne école à Boulaide













# D'Feelener Leit an hir Hobbyen

**27.9.2025 – 28.9.2025**

**Kulturkommissioun & Gemeng Feelen**

Enn September ass et erëm esou wäit gewiescht: D'Kulturkommissioun an d'Feelener Gemeng hunn an den *Hennesbau* invitéiert op d'Ausstellung "D'Feelener Leit an hir Hobbyen". 16 Feelener Hobbykënschtler a -kënschtlerinnen hunn hir Aarbechte gewisen an engem intresséierte Public zum Kaf ugebueden. Et ass fir all Goût eppes dobäi gewiescht – mat vill Kreativitéit, handwierklechem Geschéck a Léift zum Detail geschnidden a gepëscht, geschweesst a geléit, gedréint a geschrauft, fotograféiert an zesummegesat, gestréckt, gehäkelt a gebitzt, geknëppt a villes méi.

E séllege Leit vu Feelen an Ëmgéigend haten de Wee an den *Hennesbau* fonnt fir ze kucken, ze staunen an ze kafen. D'Aussteller an d'Ausstellerinne ware méi wéi zefridden. Mat Kaffi a Kuch hunn *Déi Jonk vu gëschter* fir gemittlech a geselleg Momenter gesuergt. Och un den Télévie ass bei dëser Geleeënheet geduecht gi mat dem Stand vum Monique Philippe an dem Erléis aus der Kaffisstuff.

Merci all deenen, déi matgemaach hunn: dem Amela Becic, dem Tanja Bindels-Braun, dem Serena Ciaccia, dem Patricia Dos Santos, dem Nathalie Faber-Daubach, dem Sophie Feller, dem Gaby Georges-Kraus, dem Gary Hess, dem Sheryl Jaans, dem Romy Kayser-Werner, dem Sylvain Leiner, dem Jean-Marie Magerotte, dem Irina Nesen-Khlystun, dem Lynn Rommes, dem Yolande Steffen an dem Ruben Teixeira-Ribeiro. E Merci geet och un d'Monique Philippe, d'Membere vun der Kulturkommissioun an "Déi Jonk vu gëschter".

Mir freeën eis elo schonn op déi nächst Editioun.

Fotoen: Nathalie Daubach

# Les habitants de Feulen et leurs loisirs

**27.9.2025 – 28.9.2025**

**Commission de la Culture & Commune de Feulen**

Fin septembre, la Commission de la Culture et la Commune de Feulen ont invité le public au *Hennesbau* à l'exposition « Les habitants de Feulen et leurs loisirs ».

16 artistes de Feulen y ont présenté leurs œuvres et les ont proposées à la vente. Il y avait des créations pour tous les goûts, réalisées avec beaucoup de créativité, de savoir-faire artisanal et d'amour du détail : découpées et peintes, soudées et posées, tournées et vissées, photographiées et assemblées, tricotées, crochetées et brodées, nouées, et bien plus encore.

De nombreux visiteurs de Feulen et des environs étaient au rendez-vous pour regarder, admirer et acheter. Les exposants et exposantes se sont montré(e)s plus que satisfait(e)s. Avec café et gâteaux, « Déi Jonk vu gëschter » ont assuré des moments conviviaux et chaleureux.

Un geste de solidarité a également été posé en faveur du Télévie, grâce au stand de Monique Philippe ainsi qu'aux recettes du coin « café ».

Un grand merci à toutes les personnes qui ont participé : Amela Becic, Tanja Bindels-Braun, Serena Ciaccia, Patricia Dos Santos, Nathalie Faber-Daubach, Sophie Feller, Gaby Georges-Kraus, Gary Hess, Sheryl Jaans, Romy Kayser-Werner, Sylvain Leiner, Jean-Marie Magerotte, Irina Nesen-Khlystun, Lynn Rommes, Yolande Steffen et Ruben Teixeira-Ribeiro. Un grand merci également à Monique Philippe, aux membres de la Commission de la Culture et des « Déi Jonk vu gëschter ».

À la prochaine !

Photos : Nathalie Daubach









































# Kulturrees an de Bregenzerwald

## Kulturkommissioun

**27.10.2025 – 30.10.2025**

Och dëst Joer huet d'Kulturkommissioun erëm eng Kéier eng flott an ofwiesslungsräich Rees organiséiert.

Méindes moies hu mir eis zu 37 Feelener Bierger a Biergerinnen, a Begleedung vun eisem Chauffeur, dem Chris, an eisem Guide, dem Laurent, an engem Luxusbus op de Wee gemaach a Richtung Bregenz um Bodensee. No enger Kaffispaus hanner Metz hu mir fir d'Mëttegiesse scho kënnen net nëmmen déi gutt Kichen aus dem Schwarzwald genéissen, mee eis mat der Vue aus dem Restaurant op den Titisee och astëmmen op dat, wat nach sollt kommen. Nodeems mir am spéiden Nomëtteg zu Bregenz ukomm sinn, hu mir den Owend am Hotel gemittlech ausklénge gelooss.

Wärend et méindes nach de ganzen Dag gereent hat, huet d'Wieder sech déi zwee nächst Deeg vu senger schéinster Säit gewisen. Dënschdes moies stoung eng Visite guidée vun där schéiner Stad Bregenz am Dräilännereck um Programm. D'Regioun ass net fir näischt bekannt fir hir interessant Kombinatioun aus traditioneller an zäitgenëssescher Architektur. D'*Kunsthaus Bregenz* an de *Vorarlberg Museum* sinn nëmmen zwee Beispiller vun ëffentleche Gebaier, déi mat internationalen Architekturpräisser ausgezeechent goufen. Absolut kuckeswäert ass och den historesche Véierel an der Uewerstad, an natierlech déi weltberüümt Seebühne, wou all Joer am Summer, am Kader vun de *Bregenzer Festspiele*, d'Wiener Symphoniker an aner renomméiert Museker Concerte fir Musekbegeeschterter aus der ganzer Welt ginn.

Nomëttes goung et mat der *Pfänderbahn* op dee bekannten Aussiichtspunkt, wou een op enger Héicht vun 1064 Meter iwwert dem Mieresspiggel eng spektakulär Vue konnt genéissen, esouwuel iwwert de Bodensee, wéi och op de Biergpanorama vun den éisträicheschen, däitschen a Schwäitzer Alpen.

Mëttwochs moies stoung mat der Visitt vun der berüümter *Stiftsbibliothek zu St. Gallen* de kulturellen Héichpunkt vun der Rees um Programm. Dës Bibliothéik ass eng vun den eelsten a schéinste Bibliothéiken op der Welt a si gehéiert, zesumme mat der barocker Kathedral, zum *UNESCO Weltkulturerbe Stiftsbezirk*. No engem gudde Mëttegiessen zu St. Gallen goung et weider duerch déi schéi Schwäitzer Landschaft bis an d'*Schaukäserei zu Stein*, wou mir erkläert kruten, wéi dee bekannten Appenzeller Kéis produzéiert gëtt, a wou mir e selbstverständlech och ze schmaache kruten.

Donneschdes op der Heemrees stoung nach ee weideren Héichpunkt um Programm, an zwar ee Mëttegiessen zu



Freiburg am *Dattler Schlossbergrestaurant*, wou mir kulinaresch verwinnt goufen, a gläichzäiteg eng fantastesch Vue iwwert déi ganz Stad am Breisgau konnte genéissen.

**Fir weider Informatiounen:**

- Stadt Bregenz: https://visitbregenz.com
- *Kunsthaus Bregenz*: https://www.kunsthaus-bregenz.at
- *Vorarlberg Museum*: https://www.vorarlbergmuseum.at
- *Bregenzer Festspiele*: https://bregenzerfestspiele.com
- *Weltkulturerbe Stiftsbezirk Sankt Gallen*: https://www.stiftsbezirk.ch
- *Appenzeller Schaukäserei*: https://www.schaukaeserei.ch



# Voyage culturel au Bregenzerwald



## Commission de la Culture

**27.10.2025 – 30.10.2025**

Cette année encore, la Commission de la Culture avait organisé un beau voyage, varié et convivial.

Lundi matin, nous étions 37 habitants et habitantes de Feulen à prendre la route dans un autobus de luxe en direction de *Bregenz*, au bord du lac de Constance, accompagné(e)s de notre chauffeur Chris et de notre guide Laurent. Après une pause-café aux alentours de Metz, nous avons pu déguster un excellent repas de midi dans la Forêt-Noire, tout en profitant de la vue sur le *Titisee* depuis le restaurant — un bel avant-goût de ce qui nous attendait. Arrivé(e)s à *Bregenz* en fin d'après-midi, nous avons conclu la soirée dans une ambiance conviviale et détendue à l'hôtel.




Alors que la journée de lundi avait été particulièrement pluvieuse, le beau temps était au rendez-vous les deux jours suivants. Mardi matin, une visite guidée de la magnifique ville de *Bregenz*, située au carrefour de trois pays, figurait au programme. La région est réputée pour sa combinaison exceptionnelle d'architecture traditionnelle et contemporaine. Le *Kunsthaus Bregenz* et le Musée du Vorarlberg ne sont que deux exemples de bâtiments publics primés à l'international. Le quartier historique de la ville haute mérite le détour, tout comme la scène lacustre, mondialement connue. Chaque été, dans le cadre du Festival de *Bregenz*, les *Bregenzer Feststpiele*, l'Orchestre symphonique de Vienne et d'autres artistes de renommée internationale y donnent des concerts qui attirent des mélomanes du monde entier. L'après-midi, nous avons emprunté le téléphérique du *Pfänder* pour rejoindre ce célèbre point de vue, à 1064 mètres d'altitude, offrant un panorama spectaculaire sur le lac de Constance et sur les chaînes montagneuses des alpes autrichiennes, allemandes et suisses.

Mercredi matin, le moment phare sur le plan culturel du voyage nous attendait : La visite de la célèbre bibliothèque abbatiale de Saint-Gall. Il s'agit de l'une des plus anciennes et des plus belles bibliothèques du monde ; elle fait partie, avec la cathédrale baroque attenante, du site classé patrimoine mondial de l'UNESCO « District abbatial de Saint-Gall ». Après un bon déjeuner en ville, nous avons poursuivi notre route à travers de magnifiques paysages suisses jusqu'à la fromagerie de démonstration de Stein, où l'on nous a expliqué la fabrication du célèbre fromage *Appenzeller*, que nous avons bien sûr pu déguster.

Jeudi, sur le chemin du retour, nous attendait un autre moment fort : Un repas de midi au *Dattler Schlossbergrestaurant* à Fribourg-en-Brisgau, où nous avons été gâtés sur le plan culinaire, tout en profitant d'une vue magnifique sur l'ensemble de la ville.

**Pour en savoir plus :**

- Ville de *Bregenz* : https://visitbregenz.com
- *Kunsthaus Bregenz* : https://www.kunsthaus-bregenz.at
- *Musée du Vorarlberg* : https://www.vorarlbergmuseum.at
- *Bregenzer Festspiele*: https://bregenzerfestspiele.com
- District abbatial de Saint-Gall : https://www.stiftsbezirk.ch
- *Appenzeller Schaukäserei*: https://www.schaukaeserei.ch

# Adventsfënsteren

**1.12.2025 – 24.12.2025**

Op 18 Owender am Dezember hunn d’Fënsteren zu Feelen geliicht – bei Geleeënheet vun där 2. Editioun vun de Feelener Adventsfënsteren. Och dëst Joer waren erëm e séllege Leit ënnerwee, fir sech déi verschidde Fënsteren unzekucken, mat gudde Frënn oder Bekannten e flotte Moment ze verbréngen an nei Leit kennenzeléieren.

Well Feelen 2026 beim Télévie matmécht, goung eng Këscht vu Fënster zu Fënster, fir Sue fir d’Recherche fir d’Kriibsfuerschung ze sammelen. Hei koume ronn 1700 Euro zesummen! E schéine Geste vu Solidaritéit!

E grousse Merci un déi kleng a grouss Feelener, déi matgemaach hunn.






















# Fenêtres de l'Avent

**1.12.2025 – 24.12.2025**

Pendant 18 soirées en décembre, les fenêtres de Feulen se sont illuminées à l'occasion de la 2é édition des fenêtres de l'Avent. Cette année encore, de nombreuses personnes se sont promenées pour admirer les différentes fenêtres, passer un agréable moment avec de bons amis et faire de nouvelles connaissances.

Comme Feulen participe au Télévie en 2026, une boîte a été passée de fenêtre en fenêtre pour récolter des fonds pour la recherche contre la leucémie. 1700 euros ont ainsi été collectés ! Un beau geste de solidarité !

Un grand merci à tous les petits et grands habitants de Feulen qui ont participé.

























# En onvergiesslechen Dag ...
# Une journée à mémoriser ...

Dir hutt lech bestuet a wëllt d'Erënnerung un dësen Dag deelen? Da schéckt eis Är Foto op louschlessel@feulen.lu.

Vous vous êtes mariés et vous souhaitez partager vos souvenirs ? Alors n'hésitez pas à nous envoyer vos photographies à l'adresse louschlessel@feulen.lu.



Jean-Luc Meisch & Li Mergen



Pascal Ney & Inna Ivannova



Cédric Philipp Guthier & Elisabeth Schintgen



Jo Philipps & Julie Mathay



Thomas Pirsch & Dalia Kemkem



Frédéric Weber & Stephanie Liesenbein

# Schoulfest
# Fête scolaire

**4.7.2025**



# Sponsored Run
Sponsored Run

**15.7.2025**





# Kaffi a Croissanten
# Café croissants

**4.7.2025**





# Konveniat
# Réunion d'anciens élèves

## Konveniat vun de Joergäng 1935 bis 1950 zu Nidderfeelen

**20.9.2025**

Endlech war et erëm esou wäit! Den 20. September 2025 hunn déi Nidderfeelener, déi tëschent 1935 an 1950 gebuer an zu Nidderfeelen an d'Primärschoul gaange sinn, sech fir hire 7. Konveniat getraff. Nodeems si um Kierfecht un hir verstuerwe Komeroden a Komerodinne geduecht hunn a symbolesch fir si alleguer Blummen um Graf vum Jos Besenius néiergeluecht hunn, goufe si vum Buergermeeschter Fernand Mergen virun där neier Märei zu Nidderfeelen empfaang. De Buergermeeschter huet am neie Sëtzungssall bei engem gudde Pättchen déi intressant Geschicht vum neie Gemengenhaus an de Verlaf vun den Ëmbauaarbechten erklärt an dunn duerch déi nei Raimlechkeete geféiert, wou jidderee sech konnt vun der gelongener Transformatioun iwwerzeegen.

Duerno hu si sech vum Kach am *Hennesbau* verwinne gelooss. Wärend en etlech Stonnen a gemittlecher Gesellschaft si vill Erënnerungen aus der Schoulzäit nees opgefrëscht ginn, mam Wonsch, sech an Zukunft all Joer erëmzegesinn.

## Réunion d'anciens élèves nés entre 1935 et 1950 à Niederfeulen

**20.9.2025**

Le 20 septembre 2025, les « Nidderfeelener », nés entre 1935 et 1950 et ayant fréquenté l'école primaire à Niederfeulen, se sont réunis pour la septième fois. Après s'être recueillis au cimetière en mémoire de leurs camarades défunts et avoir déposé symboliquement des fleurs auprès de la tombe de Monsieur Jos Besenius, ils ont été reçus par le bourgmestre Fernand Mergen devant la nouvelle maison communale à Niederfeulen.

Au cours d'une petite réception, le maire a fourni des explications détaillées sur l'histoire du bâtiment et le déroulement des travaux de transformation et de rénovation avant de faire visiter les nouveaux locaux où chacun a pu constater la réussite des travaux réalisés.

La rencontre s'est poursuivie autour d'un repas préparé par le chef du *Hennesbau*. Pendant plusieurs heures passées dans une ambiance conviviale, de nombreux souvenirs de l'époque scolaire ont été ravivés, avec le souhait partagé de se retrouver désormais chaque année.



**Vu lénks no riets/ de gauche à droite :**
Schank-Reuter Marie-Jeanne, Disiviscour Guillaume, Bache Ed, Funck Jean, Thein-Fischbach Josée, Besenius Marie-Louise, Nickels Jean-Pierre, Lanners Léonie, Schanck-Nickels Lydie, Kips-Melsen Marie-Louise, Kips Jos, Steiwer Jacques, Wagner Ed, Mergen Fernand, Schaus-Besenius Charlotte, Ottelé-Hottua Léa, Besenius Eloi, Besenius Annie.
Foto/photographie : Charel Reiser

**Net op der Foto / ne figurent pas sur la photo :**
Yvonne Schammel-Schweitzer, Norbert Rodenbour

# ElterevertriederInnen
# Représentants et représentantes des parents d'élèves

## Wiel vun deenen neien Elterevertriede-rInnen

**13.11.2025**

Eltere si wichteg Partner vun der Schoul. Onofhängeg dovun, a wéi enger Klass hiert Kand ass, hu si eng Expertis, eng Stëmm an e Bléck vu baussen, déi an enger Schoul, déi d'Kanner an de Mëttelpunkt stellt, net feelen däerfen. Kanner si Schüler, awer och Duechter a Fils, Schwëster a Brudder, Enkel an Enkelin, Frënd a Frëndin, Member vun engem Veräin, asw. Si hu vill verschidde Liewenswelten an dofir ass et wichteg, dësen an der Schoul eng Plaz ze ginn. Eltere kënnen e Bindeglidd tëschent dëse Liewenswelte sinn.



Zanter 2009 gëtt et fir dës Partnerschaft eng gesetzlech Basis: All dräi Joer ginn d'Vertrieder an d'Vertriederinne vun den Eltere gewielt. Zanterhier engagéiere sech vill Elteren aktiv op lokalem an nationalem Plang, fir den Dialog tëscht de Familljen an der Schoul ze stäerken. D'ElterevertriederInnen huelen aktiv deel un de Reunioune vum Schoulkommitee an der Schoulkommissioun. Doniewent bréngen si sech aktiv an d'Organisatioun vu sozialen a kulturelle Veranstaltungen an a ronderëm d'Schoul an d'Maison relais an.

Den 13. November ass et erëm esou wäit gewiescht: 9 Elteren hunn hir Kandidatur gestallt a si goufen alleguer eestëmmeg zeréckbehalen. Fir déi eng ass et déi éischte Kéier, anerer si scho méi laang dobäi. Dem Conny Elsen, dem Mireille Elsen, dem Nathalie Daubach, dem Diana Guthmann, dem Catherine Jans, dem Isabelle Kremer, dem Lynn Reinartz, dem Sylvie Wagner an dem Yvonne Weis e grousse Merci fir hir Bereetschaft, sech z'engagéieren a vill Freed a Satisfaktioun an hirer Missioun.

E grousse Merci geet awer och un déi ElterevertriederInnen, déi net méi dobäi sinn. Si hunn iwwert déi lescht Jore mat hirem Engagement gewisen, wéi wichteg a beräicherend d'Partnerschaft tëschent Elteren a Schoul am Alldag ka sinn.

Fir méi Informatiounen: www.elteren.lu.

## Élection des représentants et représentantes des parents d'élèves

**13.11.2025**

Les parents sont des partenaires essentiels de l'école. Quelle que soit la classe fréquentée par leur enfant, ils disposent d'une expertise, d'une voix et d'un regard extérieur indispensables au bon fonctionnement d'une école centrée sur l'enfant. Les enfants sont des élèves, mais aussi des filles et des fils, des sœurs et des frères, des petits-enfants, des amis et amies, des membres d'associations, etc. Ils évoluent dans de nombreux contextes de vie qui influencent aussi, d'une façon ou d'une autre, leur quotidien scolaire. Les parents peuvent constituer un lien précieux entre ces différents contextes de vie.

Depuis 2009, le partenariat entre les parents et l'école est ancré dans la loi : Tous les trois ans, les représentants et représentantes des parents sont élu(e)s. Depuis lors, de nombreux parents s'engagent activement aux niveaux local et national afin de renforcer le dialogue entre les familles et l'école. Ils participent aux réunions du comité scolaire et de la commission scolaire, contribuent à l'organisation d'activités en contexte scolaire et périscolaire.

Lors des élections du 13 novembre, les 9 parents d'élèves qui ont posé leur candidature ont été élus à l'unanimité. Pour certains, il s'agit du premier engagement, tandis que d'autres sont déjà actifs depuis plusieurs années. Un grand merci à Conny Elsen, Mireille Elsen, Nathalie Daubach, Diana Guthmann, Catherine Jans, Isabelle Kremer, Lynn Reinartz, Sylvie Wagner et Yvonne Weis pour leur engagement et leur investissement, avec tous nos vœux de réussite et de satisfaction dans l'accomplissement de leur mission.

Un grand merci également aux représentants et représentantes des parents qui ne vont pas poursuivre leur mandat. Leur engagement au cours des dernières années a illustré maintes fois l'importance d'un partenariat vécu au quotidien.

Pour en savoir plus : www.elteren.lu.



# Déi Feelener Veräiner stelle sech vir
# Les associations de Feulen se presentent !

An dëser Rubrik ginn an all *Louschlëssel* e puer Veräiner virgestallt – mat deem, wat si maachen a wat si hire Membere bidden. Hei kënnt Dir d'Veräiner aus dem Duerf besser kenneléieren, si nei oder erëm entdecken an, wie weess, Member ginn ...

Haut ass et um "*Regionale Jugendservice*" vun der Nordstadjugend (Noju)

Cette rubrique a été créée afin de présenter, dans chaque édition du *Louschlëssel*, une ou plusieurs associations de Feulen. C'est l'occasion de faire ou de refaire connaissance et, qui sait, de devenir membre d'un de ces clubs.

Dans cette édition, la Chorale Sainte Cécile et la Fanfare Feulen se présentent.

## De "Regionale Jugendservice" vun der Nordstadjugend (Noju)

**Wat ass de "Regionale Jugendservice" vun der Nordstadjugend?**

Wéi dir vläicht wësst, leescht d'Nordstadjugend zanter 2007 op regionalem Niveau Jugendaarbecht. Nieft de Gemengen Dikrech, Ettelbréck a Biissen, wou och eis dräi Jugendhaiser ze fanne sinn, betreie mir och nach 12 weider Gemengen, wéi ënner anerem Feelen.

D'Zil vum regionale Jugendservice ass et, nieft den ugebuedenen Aktivitéiten, déi Jonk am Alter vun 11 bis 26 Joer z'erreechen, andeems hinnen en oppent Ouer gebueden oder/an hinne bei alldeeglleche Problematike gehollef an zur Säit gestan gëtt.

Doriwwer eraus bidde mir, nieft villen anere Projeten, och den noju@school un, wou mir geziilt an de Klasse vum Cycle 4.2 verschidde Workshoppen ubidden, wéi zum Beispill "Teambuilding" oder "Be Happy".

**Wat kënne mir deene Jonken ubidden?**

Grad esou wéi an de Jugendhaiser zu Dikrech, Ettelbréck oder Biissen bidde mir eng ganz Rei u flotten Aktivitéiten, Projeten a Kolonien un, déi aktiv vun de Jonke kënnen, a souguer sollen, aktiv matgestalt ginn.

Falls du als Jonken intresséiert bass, awer net eleng wëlls kommen, da bréng gären deng Kolleege mat.

Eis Offer ass nämlech op fir all Jonken tëschent 11 a 26 Joer.

Donieft bidde mir awer och eng Plaz fir:

- sech mat Kolleegen ze treffen;
- ze schwätzen, sech z'informéieren oder och Froen ze stellen;
- eppes ze spillen;
- oder och einfach nëmmen ze chillen

**Wou si mir ze fannen?**

Mir hunn d'Raimlechkeete vun "Déi Jonk vu gëschter" an der Aler Schoul all zweeten Dënschdeg am Mount zur Verfügung, fir en Treffpunkt ze erméiglechen.

Wann dir eis zu Feelen gesitt, da schwätzt eis gären un. Mir freeën eis drop, iech kennenzeléieren.

Weider Informatioune fannt dir op eiser Internetsäit ënnert www.noju.lu.





## Le « Service régional pour la jeunesse » de la Nordstadjugend (NoJu)

**Qu'est-ce que le « Service régional pour la jeunesse » de la *Nordstadjugend* ?**

Depuis 2007, la *Nordstadjugend* propose des activités destinées aux jeunes au niveau régional. En plus des communes de Diekirch, Ettelbruck et Bissen, sièges de nos trois centres de jeunesse, nous accompagnons actuellement 12 autres communes, dont Feulen.

L'objectif du Service régional pour la jeunesse ne se limite pas à des activités proposées aux jeunes, mais vise également à aller à l'encontre des jeunes âgés de 11 à 26 ans, à leur offrir une écoute attentive et, si nécessaire, à les accompagner et les soutenir face aux défis de la vie quotidienne.

Parmi nos nombreux projets, nous proposons notamment **« noju@school »**, un programme dans le cadre duquel nous organisons des ateliers ciblés pour les classes du cycle 4.2, tels que *Teambuilding* ou *Be Happy*.

**En quoi consiste notre offre pour jeunes ?**

À l'instar de nos centres de jeunesse de Diekirch, Ettelbruck et Bissen, nous proposons une large gamme d'activités ludiques, de projets et de séjours de vacances. Ces offres peuvent — et doivent — être activement conçues et développées par les jeunes eux-mêmes.

Si tu es intéressé(e) mais que tu ne souhaites pas venir seul(e), n'hésite pas à venir accompagné(e) de tes copains ou copines. Nos activités sont accessibles à tous les jeunes âgés de 11 à 26 ans.

Nous mettons également à ta disposition un espace où il est possible de :

- se retrouver entre amis ;
- discuter, s'informer ou poser des questions ;
- jouer à différents jeux ;
- ou simplement se détendre.

**Où nous trouver ?**

Nous t'accueillons chaque deuxième mardi du mois dans les locaux de **« Déi Jonk vu gëschter »**, situés dans l'ancienne école à Oberfeulen.

Si vous nous croisez à Feulen, n'hésitez pas à venir nous parler. Nous nous réjouissons de faire votre connaissance.

Vous trouverez de plus amples informations sur notre site Internet :
**www.noju.lu.**

REGIONALE JUGEND SERVICE
Gabrielle KOX
Educatrice Graduée
7, avenue de la gare L-9233 Diekirch
M. +352 691 80 91 71
M. gabrielle@nordstadjugend.lu W. nordstadjugend.lu

nordstadjugend  Nordstadjugend asbl

# Déi Jonk vu gëschter vu Feelen
# Les « Jonk vu gëschter » de Feulen

## Rees an d'*Lüneburger Heide*

**2.6.2025 – 5.6.2025**

Am fréie Summer hunn *Déi Jonk vu gëschter* eng Rees an d'*Lüneburger Heide* gemaach. Nom Depart goung et iwwert Bitburg a Prüm op Marmagen, wou mir Kaffi gedronk hunn. Weider goung et duerch d'*Ruhrgebiet* bis op Celle. No der Visitt vun der Stad Celle si mer an den *Orchideen Zentrum Wiechmann* gaang.

Den drëtten Dag goung et op Lüneburg op de Maart, duerno an d'*Scheunenbäckerei "Ole Müllern Schün"*. Bei engem gudde Stéck Taart an enger Taass Kaffi hu mir den Dag ofgeschloss.

Leider war eis Rees du schonn op en Enn a mir hunn eis op den Heemwee gemaach.

**Fir weider Informatiounen:**

- D'Stad Celle: https://www.celle.de
- D'Stad Lüneburg: https://www.hansestadt-lueneburg.de

## Voyage dans la lande de Lunebourg

**2.6.2025 – 5.6.2025**

Au début de l'été, nous avons entrepris un voyage dans la lande de Lunebourg. Après le départ, nous avons traversé Bitburg et Prüm pour arriver à Marmagen, où nous avons pris un café. Nous avons ensuite poursuivi notre trajet à travers la région de la Ruhr jusqu'à Celle. Après la visite de la ville de Celle, nous sommes allés au Centre d'orchidées *Wiechmann*.

Le troisième jour a été consacré à la découverte de Lunebourg et de son marché, avant une visite à la boulangerie traditionnelle « Ole Müllern Schün ». Autour d'un délicieux morceau de gâteau et d'une tasse de café, la journée s'est achevée dans une ambiance conviviale.

Malheureusement, le voyage touchait déjà à sa fin et le groupe a repris le chemin du retour.

**Pour en savoir plus :**

- La ville de Celle : https://www.celle.de
- La ville de Lunebourg : https://www.hansestadt-lueneburg.de



# Déi Jonk vu gëschter vu Feelen
# Les « Jonk vu gëschter » de Feulen

**On tour ...**

Am Fréijoer hunn *Déi Jonk vu gëschter* en Tour gemaach. Mir haten eng ganz intressant Visitt vum Uebst- a Geméishändler Grosbusch zu Elleng.

No eisem Buffet am *Pavillon Saint Martin* zu Réimech goung et weider op de Findel bei d'*Air Rescue*. No engem kuerze Film krute mir den Helikopter erkläert an hunn en Tour duerch de Betrib gemaach. Bei där Geleeënheet hu mir en Don vu 500 Euro u *Luxembourg Air Rescue* gemaach.

**On tour ...**

Au printemps, l'association « Déi Jonk vu gëschter » a pris la route pour une sortie placée sous le signe de la découverte. La journée a débuté par une visite particulièrement intéressante chez le grossiste en fruits et légumes Grosbusch à Ellange.

Après un buffet convivial au *Pavillon Saint Martin* à Remich, le groupe a poursuivi son programme au Findel avec une visite de *Luxembourg Air Rescue*. À la suite de la projection d'un court film explicatif, les participant(e)s ont pu découvrir le fonctionnement de l'hélicoptère ainsi que les installations de l'organisation. À cette occasion, les « Déi Jonk vu gëschter » ont fait un don de 500 euros à *Luxembourg Air Rescue*.



# Feelener Uergelfrënn

## Concert mam Ensemble *Les Enchantées* an dem Organist Jos Majerus

**19.10.2025**

Den 19. Oktober 2025 huet e ganz flotte Concert an der Porkierch zu Uewerfeelen stattfonnt. En zweeten Ulaf war néideg, ier dëse Concert konnt zustane kommen, well 2024 verschidde Sängerinnen erkrankt waren, an den Organist deemools de Concert mat grousser Kompetenz aleng bestridden huet.

Dëst Joer huet et awer geklappt an deen integrale Programm mat dem Gesangsensembel *Les Enchantées* konnt duerchgezu ginn.

Um Programm woren dëst Joer usprochsvoll Gesangsstécker, déi vun deenen 9 Sängerinne brillant interprétéiert goufen ënnert der Begleedung vum Här Jos Majerus. Déi wonnerschéi Stëmmen hunn de Public an hire Bann gezunn. Dotëschent hunn Uergelwierker vun J.S. Bach, Mozart, Mendelsssohn-Bartholdy a villen anere Komponiste wärend enger Stonn laang fir Ofwiesslung gesuergt. D'*Feelener Uergelfrënn* hunn uschléissend op e Patt an déi Al Schoul zu Nidderfeelen invitéiert, wou nach laang iwwert déi groussarteg Performance geschwat gouf a Pläng fir deen nächste Concert am Oktober 2026 an Ugrëff geholl goufen.



# Les amis de l'orgue « Feelener Uergelfrënn »

## Concert avec l'ensemble vocal « Les Enchantées » et l'organiste Jos Majerus

**19.10.2025**

Le 19 octobre 2025, un concert particulièrement intéressant a eu lieu à l'église paroissiale de Feulen. Les *Feelener Uergelfrënn* avaient en effet besoin d'une seconde tentative pour organiser cet événement : En 2024, quelques membres de l'ensemble vocal « Les Enchantées » étaient tombées malades et l'organiste, Monsieur Jos Majerus, avait dû assurer à lui seul le concert – une mission qu'il avait accomplie avec tout le talent et la maîtrise qu'on lui connaît.

Les organisateurs étaient donc d'autant plus ravis de pouvoir proposer cette année le programme du concert dans son intégralité, avec la participation de l'ensemble vocal féminin « Les Echantées ».

Au programme figuraient des pièces ambitieuses interprétées avec brio par les neuf chanteuses, accompagnées par Monsieur Majerus. Le public était enchanté par la virtuosité des voix du chœur. Des œuvres de compositeurs tels que J.S. Bach, Mozart, Mendelssohn-Bartholdy, interprétées sur l'orgue, s'intégraient parfaitement dans l'ensemble du concert. Comme à leur habitude, les *Feelener Uergelfrënn* conviaient l'audience ensuite à une réception dans l'ancien bâtiment de l'école primaire. Un moment convivial pour féliciter les musiciens pour cette performance exceptionnelle et pour penser ensemble au prochain concert prévu en octobre 2026.



# Sportsdedessen & Dëschtennis 95 Feelen

### Wikingerschach on the beach – Afterwork Edition

**12.9.2025**

Fotoen/photos : Victor Pinto



















# Entente Feelen-Gréiwels-Heischent

## Réck- an Ausbléck op d'Aktivitéite vun der Entente Feelen-Gréiwels-Heischent

Déi lescht Méint stoungen eng ganz Rëtsch Aktivitéiten um Programm vun der Entente. D'Grouss Vakanz hu mir jeeweils mat engem **grousse Fussball-Stage** ugefaang an opgehal! Am Juli konnte 40 fussballbegeeschtert Meedercher un engem Stage vun dräi Deeg ënnert der Leedung vun der ***Fussballschule Mainz 05*** deelhuelen an dobäi hiert Kënne verbesseren. Am September war dunn d'"Fohlenakademie" vum däitsche Bundesligist ***Borussia Mönchengladbach*** bei ons op Feelen komm an huet 75 Spillerinnen a Spiller wärend dräi Deeg interessant Trainingen ugebueden. Nom Succès vun deenen zwee Stagë si mir dann och frou, dass mir dës am Summer 2026 nees däerfen organiséieren.

Am Beräich vum Fussball bei de Meedercher gëtt et dës Saison eng Première: D'Meedercher spillen, zesumme mat de Meedercher vum *FC Sporting Mäerzeg*, ënnert dem Numm ***Entente Waarkdall-Uewersauer***. Een neie Logo gouf kreéiert an nei Tricote goufe gemaach.

Ufank Dezember huet sech de **Kleeschen** nees bei ons op de Wee gemaach, fir d'Kanner mat Titercher wärend dem Training z'iwwerraschen! De Kommitee vun der Entente war dann och um **Feelener Chrëschtmaart** am Asaz an huet Raclette verkaaft. Zesumme mat Eltere ware mir och um **Randschelter Adventsmaart** vertrueden, fir Kniddelen a Panecher ze verkafen.

Elo, wou déi éischt Hallschent vun der Saison eriwwer ass, stinn déi séllegen Halen-Turnéier virun der Dir. Niewent der Participatioun um ***Lalux-Indoor-Championnat*** wäerten Ekippe vun ons an de Méint Januar a Februar all Weekend uechert d'ganzt Land un Turnéieren deelhuelen. De Weekend vum 24. a 25. Januar organiséiert d'Entente hiren eegenen **Halen-Turnéier**, dëst an der Sportshal vun där neier Schoul zu Eschduerf. Am Mee steet dann nees dat gréissten Event un: Den 8. a 9. Mee ass zu Nidderfeelen déi mëttlerweil 5. Editioun vum ***Eurocup***.

Aktuell betreien ons Trainerinnen an Trainer ronn 240 Kanner a Jugendlecher! Wann Äert Kand och um Fussball interesséiert ass, da mellt Iech per Email op secretariat@entente-fgh.lu.
Fotoen: Victor Pino an anerer

## Entente Feulen-Grewels-Heiderscheid: Rétrospective et activités futures

Ces derniers mois, de nombreuses activités figuraient au programme de l'Entente. Les grandes vacances ont débuté et se sont clôturées par des **stages de football** d'envergure. En juillet, 40 jeunes filles passionnées de football ont participé à un stage de trois jours, encadré par l'école de football du ***FSV Mainz 05***, leur permettant d'améliorer leurs compétences. En septembre, c'était la « Fohlenakademie » du club allemand ***Bundesliga Borussia Mönchengladbach*** qui s'est rendue à Feulen et a proposé des entraînements variés et intéressants à 75 joueuses et joueurs pendant trois jours. Suite au succès de ces deux stages, nous sommes heureux de pouvoir les organiser à nouveau durant l'été 2026.

Dans le domaine du football féminin, cette saison a marqué une première : Les filles jouent désormais, ensemble avec les filles du *FC Sporting Mertzig*, sous le nom d'***Entente Waarkdall-Uewersauer***. Un nouveau logo a été créé et de nouveaux maillots ont été confectionnés.

Début décembre, **Saint-Nicolas** nous a de nouveau rendu visite afin de surprendre les enfants avec des sachets de friandises lors des entraînements. Le comité de l'Entente était également présent au **Marché de Noël de Feulen**, où il proposait de la raclette. En collaboration avec les parents, nous avons aussi été présents au **Marché de l'Avent à Rindschleiden**.

Alors que la première moitié de la saison est désormais terminée, la période des nombreux tournois en salle approche. Outre la participation au ***Championnat Lalux-Indoor***, plusieurs équipes de l'Entente prendront part, durant les mois de janvier et février, à des tournois organisés chaque weekend à travers tout le pays. Les 24 et 25 janvier, l'Entente organisera son propre **tournoi en salle** au hall sportif de la nouvelle école à Eschdorf. Les 8 et 9 mai aura lieu l'événement phare de l'année, la 5e édition de l'***Eurocup***.

Actuellement, nos entraîneuses et entraîneurs encadrent environ 240 enfants et jeunes. Si votre enfant s'intéresse également au football, n'hésitez pas à nous contacter par courriel à l'adresse suivante : secretariat@entente-fgh.lu.
Photographies : Victor Pinto et autres


















Sportspics
VP



# Nordstad Aktiv+ . . .

## . . . à votre rencontre à Feulen !

Deux fois par mois, *Nordstad Aktiv+* vient à la rencontre des habitants de Feulen ! Un membre de notre équipe se rend sur place pour échanger, créer du lien et partager un moment de convivialité. Ces visites sont l'occasion de rompre la solitude, de revoir un visage familier ou simplement de passer un bon moment ensemble. Et pourquoi pas, de faire émerger vos idées et de construire, ensemble, de nouveaux projets ?

Le 15 juillet 2025, le club a organisé sa fête d'été, un moment chaleureux qui a rassemblé 73 participants autour d'un bon repas, suivi d'un après-midi dansant animé par M. Messineo. Entre deux pas de danse et un petit jeu, félicitations aux heureux gagnants de la tombola ! Grâce à vous, la fête a été un véritable succès. *Nordstad Aktiv+* se réjouit de poursuivre cette belle dynamique à Feulen et de continuer à tisser des liens au cœur de la communauté !

## . . . comes to meet you in Feulen!

Twice a month, *Nordstad Aktiv+* comes to meet the residents of Feulen! A member of our team visits the town to chat, build relationships and share a moment of conviviality. These visits are an opportunity to break the loneliness, see a familiar face or simply have a good time together. And why not bring your ideas to life and build new projects together?

On 15 July 2025, the club organised its summer party, a warm event that brought together 73 participants for a delicious meal, followed by an afternoon of dancing led by Mr Messineo. Between dances and a little game, congratulations to the lucky winners of the raffle! Thanks to you, the party was a real success. *Nordstad Aktiv+* is delighted to continue this wonderful dynamic in Feulen and to keep building ties within the community!









# Noperschaftsfest an der Pompjeesschoul
# Fête des voisins à l'école des pompiers

**11.Oktober 2025**

Den *Institut National de Formation des Secours (INFS)* vum CGDIS huet zesumme mat der Gemeng Feelen d'Awunner, déi ronderëm de Site vum INFS wunnen, op en Noperschaftsfest invitéiert.

Hei gouf et Informatiounen zu de Coursen an der Pompjeesschoul. D'Awunner hunn awer och d'Geleeënheet genotzt, fir Froen ze stellen an op verschidde Mëssstänn opmierksam ze maachen, wéi beispillsweis de Kaméidi wärend de Motorsee-Coursen. Zesumme gouf no méiglech Léisunge gesicht. D'Noperschaftsfest ass domat zu engem wichtege Moment vu Kenneléieren an Austausch ginn.

Fotoen: Rom Hankes

**11 octobre 2025**

L'Institut National de Formation des Secours (INFS) du CGDIS a invité, en collaboration avec la commune de Feulen, les habitants vivant aux alentours du site de l'INFS à sa fête des voisins.

L'offre des cours dispensés à l'INFS a été présentée. Les habitants et habitantes ont profité de l'occasion pour poser des questions et signaler différents désagréments, tels que les nuisances sonores lors des cours de tronçonneuse. Ensemble, on a cherché des solutions aux problématiques rencontrées.
La fête des voisins constituait ainsi un moment important d'échanges et de rencontres.

Photos : Rom Hankes






























Informatiounen iwwer d'Coursen um INFS-Feelen






PAT-SA

# Journée du Grand Âge

**26.10.2025**

De Schäffen- a Gemengerot huet och dëst Joer erëm zesumme mam Veräin “Déi Jonk vu gëschter” op déi traditionell Feier fir d’Feelener Bierger am Pensiounsalter invitéiert.

Bei dëser Geleeënheet goufen 22 Gebuertsdagskanner a 4 Koppele geéiert.

- Fir 70 Joer: Juliette Choque-Weber, Marcelline Schmitz-Munhoven, Maria Filomena Lavinas Soares, Claude Reding, Milly Hilbert-Scholtes, Liette Heuertz, Jean-Paul Schmitz, Marie-Josée Klein-Majerus, Arthur Schank, Marguerite Ernestine Thiltges-Budai, Steffy Bernard-Hudeck, Georges Reiser;

- Fir 75 Joer: Rose Claus-Strasser, Marie-Anne Welter-Heintzen, Marcelle Rodesch-Schwartz, Camille Braun, Nico Faber, Viviane Reinartz-Krack, Annette Mergen;

- Fir 80 Joer: Anne Melsen-Polfer;

- Fir 85 Joer: Jeannot Winckel,
Alphonsine Goerens-Hawa[1];

- Gëllen Hochzäit: Giovanna Fontanive & Georges Fellens, Marie-Jeanne Reding & Fernand Bemtgen, Josée Meniger & Claude Reding, Pierette Merres & Jules Lentz.

**26 octobre 2025**

Le collège des bourgmestre et échevins et le conseil communal ont, cette année encore, invité les citoyens de Feulen en âge de la retraite à leur traditionnelle « Journée du Grand Âge », organisée en collaboration avec l’association *Déi Jonk vu gëschter*.

À cette occasion, 22 jubilaires et 4 couples ont été mis à l’honneur.

- Pour 70 ans : Juliette Choque-Weber, Marcelline Schmitz-Munhoven, Maria Filomena Lavinas Soares, Claude Reding, Milly Hilbert-Scholtes, Liette Heuertz, Jean-Paul Schmitz, Marie-Josée Klein-Majerus, Arthur Schank, Marguerite Ernestine Thiltges-Budai, Steffy Bernard-Hudeck, Georges Reiser ;

- Pour 75 ans : Rose Claus-Strasser, Marie-Anne Welter-Heintzen, Marcelle Rodesch-Schwartz, Camille Braun, Nico Faber, Viviane Reinartz-Krack, Annette Mergen ;

- Pour 80 ans : Anne Melsen-Polfer ;

- Pour 85 ans : Jeannot Winckel,
Alphonsine Goerens-Hawa[2] ;

- Noces d’or : Giovanna Fontanive & Georges Fellens, Marie-Jeanne Reding & Fernand Bemtgen, Josée Meniger & Claude Reding, Pierette Merres & Jules Lentz.



[1] D’Madamm Goerens-Hawa ass am Dezember verstuerwen. Mir drécken op dëser Plaz hire Léifsten eist déif empfonnte Matgefill aus.
[2] Madame Goerens-Hawa est décédée en décembre 2025. Nous tenons à exprimer nos plus sincères condoléances à ses proches.

















































# Chrëschtmaart zu Feelen
# Marché de Noël à Feulen

**29.11.2025**

Nom grousse Succès vum leschte Joer ass de Chrëschtmaart och 2025 erëm iwwert zwee Deeg gaang.

Den 29. November hunn d'Schoulkanner, zesumme mam Léierpersonal, der Maison relais an den Elterevertrieder a -vertriederinnen, op hiren traditionelle Chrëschtmaart am *Kuebebongert* invitéiert. Mat Hëllef vun der Gemeng ass mat ville Liichtercher, hëlze Buden a Chrëschtbeemercher eng wanterlech Atmosphär gezaubert ginn. Op deene verschiddene Stänn konnten d'Visiteure kreativ Bastelaarbechte vun de Schoulkanner kafen. Fir esou richteg a Feierdagsstëmmung ze kommen, huet d'Strëpp vun der Feelener Musek flott Chrëschtdagsmusek gespillt.

De Kleeschen, seng Engelcher an den Houseker waren och um Rendez-vous; si si musikalesch vum Jugendensembel vun der Feelener Musek an de Schoulkanner mat flotte Kleesercherslidder a -stécker encadréiert ginn.

De Chrëschtmaart ass dann och eng flott Geleeënheet gewiescht, fir den Télévie 2026 zu Feelen offiziell ze lancéieren. Den Erléis vun dësem éischten Dag vum Chrëschtmaart ass dëst Joer integral un den Télévie gaang. Doniewent hunn d'Schoulkanner speziell Télévie-Kadosiddien entworf, zum Beispill, selwer gemolten Häerzerpochen am Cycle 1.

E grousse Merci fir den Engagement an d'Begeeschterung fir déi gutt Saach op dësem éischten Dag vum Chrëschtmaart.

Fotoen: Nathalie Daubach a Rom Hankes

**29.11.2025**

Suite au grand succès de l'année précédente, le marché de Noël s'est à nouveau déroulé sur deux jours en 2025.

Le 29 novembre, les élèves, le personnel enseignant et éducatif ainsi que les représentants et représentantes des parents ont invité le public à leur traditionnel marché de Noël au *Kuebebongert*. Avec le soutien de la commune, une atmosphère hivernale a été créée grâce à de nombreuses illuminations, des chalets en bois et des sapins de Noël. Sur différents stands, les élèves vendaient des bricolages confectionnés en classe et les musiciens de la *Feelener Strëpp* ont joué de la musique de Noël.

Saint Nicolas, accompagné de ses anges et du Père Fouettard, était également au rendez-vous. Il a été accueilli musicalement par l'ensemble des jeunes de la musique et par des élèves de l'école fondamentale.

Le marché de Noël a également été l'occasion de lancer officiellement le Télévie 2026 à Feulen. L'intégralité des recettes de ce premier jour a été reversée au Télévie. Par ailleurs, les élèves ont spécialement conçu des idées cadeaux au profit du Télévie, comme, par exemple, des sacoches aux cœurs, peintes à la main par les élèves du cycle 1.

Un grand merci pour l'engagement et l'enthousiasme en faveur de cette belle cause lors de cette première journée du marché de Noël.

Photos : Nathalie Daubach et Rom Hankes



































LET IT SNOW























# Chrëschtmaart zu Feelen
# Marché de Noël à Feulen

**30.11.2025**

Den 30. November war et un de Feelener Veräiner an den Hobbykënschtler a -kënschtlerinnen, fir sonndes d'Buden am Schoulhaff mat Liewen ze fëllen. D'Tanja Braun, d'Nathalie Faber-Daubach, d'Patricia Gomes, d'Sheryl Jaans, d'Malou Kerger, d'Lynn Rommes an d'Yolande Steffen hunn eng Hellewull u flotte Kadosiddien ugebueden, mat vill handwierklechem Geschéck a Léift fir den Detail gemaach. Et ass fir all Goût eppes dobäi gewiescht.

Raclette, Chili, Choucroute an Eisekuchen hu géint den Honger, waaremt a kaalt Gedrénks géint den Duuscht geholfef. Gekacht, gebak, gezaapt an erausgeschott gouf vun der *Feelener Musek*, der *Feelener Jugend*, der *Chorale Ste Cécile*, den *Nidderfeelener Jongen*, dem Dammekeeleclub, der *Amicale vun de Pompjeeën* an der *Entente Feelen-Gréiwels-Heischent*. Fir de musikaleschen Encadrement huet den Ensembel *Luxicals* gesuergt.

Den Télévie ass dëst Joer op dem Chrëschtmaart omnipresent gewiescht. Dat aus guddem Grond: Feelen ass 2026 ee vun dräi *Centres de promesses*. D'Monique Philippe-Mangen, d'Carmen Schreiner an d'Danielle Schreiner-Olinger hu gehäkelt, gebastelt, gekachten a gebake Kadosiddie fir de gudden Zweck verkaaft. D'Bäckerei Jos & Jean Marie huet sech et net huele gelooss, fir Liefkuchhäerzer fir den Télévie ze baken. Den Erléis vum Verkaf ass integral un den Télévie gaang. An och d'Hobbykënschtler a -kënschtlerinne grad ewéi d'Veräiner wollten hire Bäitrag leeschten, andeems si en Deel vum Erléis un den Télévie gespent hunn.

E grousse Merci u jiddereen, deen och op dësem zweeten Dag sech engagéiert huet, fir d'Recherche géint de Kriibs z'ënnerstëtzen.

Fotoen: Nathalie Daubach a Gerard Koob

**30.11.2025**

Le 30 novembre, différentes associations de Feulen ainsi que des artistes locaux ont animé les stands de Noël. Tanja Braun, Nathalie Faber-Daubach, Patricia Gomes, Sheryl Jaans, Malou Kerger, Lynn Rommes et Yolande Steffen ont proposé un large choix d'idées de cadeaux, réalisées avec beaucoup de savoir-faire et un grand souci du détail. Il y en avait pour tous les goûts.

